N°7315
Entrée le 13.01.2023

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7315 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

Am Enseignement secondaire gi just déi effektiv geleeschten Iwwerstonne bezuelt, sou wéi dat iwwer Joerzéngte schonn de Fall ass. Dëst konnt dank enger schrëftlecher Note bis op d'Joer 1988 retracéiert ginn, woubäi dës Praxis scho méi laang ugewannt gëtt.

D'Indemnitéit fir eng järlech Iwwerstonn gëtt no follgender Formel berechent, esou wéi se fir d'Lescht am Artikel 13, Paragraph 3, vum *Règlement grand-ducal du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques* festgehal gouf : « *traitement de base x 1/22 x nombre indice x valeur du point indiciaire applicable aux éléments de rémunération non pensionnables x 36/52* ».

D'Applikatioun vun dëser Formel bedeit, wéi uewe gesot, datt just déi effektiv geleeschten Iwwerstonnen ausbezuelt ginn, also déi Iwwerstonnen, déi wärend deene 36 Woche gehale ginn, déi d'Schoulzäit an engem Joer ausmécht; dobäi sinn d'Schoulvakanzen net mat agerechent.

Dogéint gi Stonnen, déi am Kader vun der regulärer Tâche gehal ginn, net eenzel verrechent, mee falen ënnert den Traitement de base, deen dat ganzt Joer iwwer d'selwescht bezuelt gëtt.

De Regierungsprogramm gesäit net vir, d'Bezuele vun den Iwwerstonnen ze iwwerschaffen. Wat d'Diskrepanz tëscht den Indemnitéite fir d'Iwwerstonnen an dem Zäitspuerkont betrëfft, sou sief bemierkt, datt all Agent tëscht enger vun deenen zwou Méiglechkeete ka wielen, respektiv souguer fir eng Kombinatioun vun deenen zwou Méiglechkeete kann optéieren.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH